Wënsch fir d'neit Joer

Béi Geleenheet vum neie Joer 2012 wënschen ech jidderengem Gléck, Gesondhheet an Zefriddenheet doheem an op der Arbecht. Dir sollt Iech wuel a behitt fillen an ärem Glaw an an ärer Pargemeinschaft. Ech profitéieren vun der Geleënheet fir Merci ze soën dem Här Ferber an der Gemeng fir déi gutt Zesummenarbicht, fir déi nei Anlag matt den Erklärungen vun der Randschleider Kierch, déi nei Fensteren an d'Arbechten am Park zu Randschleid. Ech hoffen datt et esou gutt viru geet mam neie Buergermeeschter, dem Här Assa.
En extra Merci all deenen déi mir bei menger Arbicht hëllefen: de Memberen vun de Kiercheréit, de Sekretären an de Kessieeën vun de Poren, eisen beléiften Katecheetinnen, de Sängerinnen a Sänger, den Damen an Hären déi eis Kierchen botzen a rëschten, de Massendinger, de Lektoren, der Musik an de Pompjeeën fir hir geleeëntlech Mathëllef. Merci de Gemengenarbichter fir d'Chrëchtbämerchen an den Ennerhalt vun de Kierchen. Merci deenen déi d'Krëpperchen an de Kierchen oprichten a Merci deer Equipp déi all Mount de Parziedel realiséiert.

D'Liichtfeier vun de Schoulkanner

D'Liichtfeier vun de Schoulkanner war ee groussen Erfolleg. Och wann d'Wieder de 15.Dezember nët matgespillt hat, an d'Liichtfeier doduerch huet missten vu Randschleid op Bëschrued verluegt ginn, hu vill Leit aus der Gemeng sech et nët huele geloss fir drunn deelzehuelen. D'Kierch vu Bëschrued war deen Owend bal bis op déi leschte Plaz gefëllt. No deem besënnlechen Deel an der Kierch, hu mir äis am Veräinsbau bei Punsch, Wiirschtercher a Kuch eremfond. Och d'Kaerzen, déi d'Kanner selwer gemaach haten, hu sech gutt verkaaft. Um Enn konnten 850€ un d'Aktioun "Kannerliicht" iwwerwise ginn. Jidderengem, deen duerzou bäigedroën huet een häerzleche MERCI !

Broutbaken a Mass

Broutbaken a Mass fir d'Kommiouns-kanner aus dem ganze Parverband. En Daschdig, de 24. Januar 2012 ginn d'Kommiounskanner op Wahl an d'Thillenvogtei Brout baaken. Uschléissend ass um 18:30 Auer eng Mass ënnert dem Thema " Brout" an der Kierch zu Wahl.

Un d‘Chrëschtkënnchen

Léiwt Chrëschtkënnchen, meng Elteren machen sich Gedanken wëll ëch nach un dëch gleewen. An Wirklichkeet sin ëch wéi d´Kanner all a mengem Alter: ech gleewen an zur gläicher Zäit gleewen ëch nit. Ëch weess genau datt ët déi Grouss sin déi d´Kaddoën gin, mee ët passt mer gut fir trotzdem ë bëssen un dëch ze gleewen.

Wëll esou kënn ëch si gleewen lossen datt ëch keng Ahnung hätt wat all déi Spillsachen kaschten déi an den Geschäfter leien an nit verstouë ging firwat datt déi Reklammen gutt sin déi mër an d´Bréifkëscht kréien an déi op Affischën aushänken. An Wirklichkeet sin ëch nit méi esou kleng an esou domm: ët misst een blann an daaf sin fir nit ze verstouen dat d´Chrëschtzäit just eng Sach vun Commerce as. . Mee wëll ëch awer gäer Kaddoën hätt an nit genau weess wéi déi Erwuessen hir Suen ausgin, hun ëch léiwer ëch gleewen dass Du ët bass, léiwt Chrëschtkënnchen wat sich ëm dat alles këmmert. Dat mëcht mër eng Suerg manner! Wëll déi Grouss an Wirklichkeet vill Suergen hun an ëch trotz mengem Alter gesin datt ët nit einfach as fir si. Mee si sollen nit denken datt mër Kleng äis nit betraff fillen: Mër gesin ët um Fernseh an héieren alles wat gesot gët iwwer Krankheeten, Epidemiën, Iwwerschwemmungen, Stierem, Leit déi duerch Honger stierwen, Attentater. Ganz dacks diskutéiren mër heemlich ënnert äis: ët weess een nit op d´Enn vun der Menschheet kéint oder op d´Kanner all an Kelleren gespart gin fir si géint Mikroben ze schützen. Et sin esouguer Frënn déi soën datt eis Elteren keng Kanner méi machen an datt Mënschen wéi Roboter fabrizéiert gin fir datt si besser follichen an nit krank gin. Heiansdo denken ëch ëlleng an menger Kummer iwwer dës Sachen no. An dëst mëcht mir wierklich Angscht. Enges Dags hun ëch mer gesot ët wir villäicht besser nit gouss ze gin fir d´Sachen nit esou ze gesin. An esou berouigt d‘Chrëschtkënnchen, an all déi schéin Sachen an den Vitrinnen an um Fernseh äis. Dat gët den Androck wéi wann ët Feeën gingen iwwerall gin, Glëck dat einfach esou bei äis kënnt, enges Owes, op d´ganz Welt, an den Rescht vergiessen léisst. An natierlich hätten mër och gären datt d‘Chrëschtkënnchen keen vergësst . Mee mër wëssen datt dat nit méiglich as. Mee ët deet gut ët awer ze gleewen. An dat misst jo och deenen Groussen Guddes din. Dat versëchert si: Sie soën sich si kéinten een ganzen Koup Kaddoën machen ouni sech ze suergen iwwer déi déi keng kréien. Wëlls jo Du ët bass léiwt Chrëschtkënnchen wat sich drëm këmmert! An ët as do wou ëch mengen datt déi Grouss an Wierklichkeet kleng sin: andeems si fir äis d‘Chrëschtkënnchen spillen vergiessen si datt si hat erfonnt hun. Villäicht entscheeden si enges Dags Chrëschtkënnchen ze spillen fir déi ganz Welt. Esou guer wann ët nit op Chrëschtdag as, ëch hätt näischt dergéint.